



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **03 SEP, 2021**

**Objet : Question parlementaire n° 4847 du 13 août 2021 de Monsieur le Député Léon GLODEN concernant la prise en charge de la famille de policiers grièvement blessés ou tués en service»**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri Kox

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'Fro n°4847 vum 13ten August  
vun dem éierbaren Deputéierten Léon GLODEN**

### **Ad Fro 1 an 2**

D'Police huet keen eegestännege Service deen sech ëm déi Hannerbliwwen vun Accidenter këmmert.

D'Prise en Charge vun den Hannerbliwwenen ass an der Police d'selwecht gereegelt wéi d'Prise en Charge vun engem Member aus der Police, deen duerch een traumatéiert Evenement betraff ass.

Fir de psychologesche Volet assuréiert de Service Psychologique vu der Police a gravéierende Fäll eng primär Assistenz op der Platz. A manner grave Fäll gëtt eng differéiert psychologesch Ënnerstëtzung a Form vu psychologescher Betreuung an/oder psychotherapeutescher Ënnerstëtzung offréiert. Dës Prise en Charge gëtt och de Familljemembere proposéiert, déi fräi si fir ze entscheeden, ob se dës unhuelen oder net. Eng Ënnerstëtzung duerch den Aumônier vun der Police kann och ugebuede ginn. Des Weidere kann och eng Orientéierung u spezialiséiert extern Servicer proposéiert ginn.

Fir de statutaresche Volet sinn d'Direction Ressources Humaines an de Service Juridique zoustänneg, déi eng Ënnerstëtzung kënnen gi fir déi néideg administrativ oder juristesche Demarchen ze lancéieren.

Et bestinn iwwerdeems keng Restriktiounen betreffend d'Dauer vun der Prise en Charge.

### **Ad Fro 3**

D'Police privilegiéiert eng gutt Zesummenaarbecht tëscht deenen eenzele Servicer a plangt net fir eng spezifesch Unitéit zu dësem Zweck ze schafen.